

PROGRAMME 2023/24

# FORMATION

# *Animateur*


JUGENDROUTKRÄIZ

**croix-rouge**   
luxembourgeoise  
*Méischen hëllefen*

# FORMATION TO GO:

<b>B</b>	<b>Meet&amp;Greet - 1</b> 2024-1	14.10.2023 10:00 → 15.10.2023 17:00
<b>B</b>	<b>Formatiounswoch Aide-Animateur/trice</b> 2024-2	30.10.2023 → 04.11.2023
<b>B/C</b>	<b>Eng Kolonie fir jiddereen</b> 2024-3	02.12.2023 10:00 → 03.12.2023 17:00
<b>B/C</b>	<b>Kreativitéit kennt keng Grenzen</b> 2024-4	20.01.2024 10:00 → 21.01.2024 17:00
<b>C(B)</b>	<b>Kommunikatioun an all hire Facetten</b> 2024-5	03.02.2024 10:00 → 04.02.2024 17:00
<b>B</b>	<b>Meet&amp;Greet - 2</b> 2024-6	24.02.2024 10:00 → 25.02.2024 17:00
<b>B</b>	<b>Formatiounswoch Aide-Animateur/trice</b> 2024-7	30.03.2024 → 05.04.2024
<b>C</b>	<b>Formatiounswoch Animateur</b> 2024-8	30.03.2024 → 05.04.2024
<b>B/C</b>	<b>Thema Sexualitéit</b> 2024-9	04.05.2024 10:00 → 05.05.2024 17:00
<b>D</b>	<b>Stressmangement an Teambuilding</b> 2024-10	18.05.2024 10:00 → 19.05.2024 17:00
<b>B/C</b>	<b>Kachen, Brachen an d'Natur erliewen</b> 2024-11	15.06.2024 10:00 → 16.06.2024 17:00
<b>B/C</b>	<b>Safety first</b> 2024-12	29.06.2024 10:00 → 30.06.2024 17:00
<b>D</b>	<b>Éischt-Hëllef-Cours 1</b> 2024-13	30.09.2023 → 07.10.2023
<b>D</b>	<b>Éischt-Hëllef-Cours 2</b> 2024-14	04.05.2024 → 11.05.2024
<b>D</b>	<b>Spezialisatioun Rescue Team</b> 2024-15	Datum gëtt nach annoncéiert

**BREVET D - RESCUE TEAM**




1 Formatiounsweekend  
dauert an der Regel vu  
Samschdegmoies 10 bis  
Sonndegmëttes 17 Auer.  
Iwwernuechten op der Platz  
ass obligatoresch.

1 Formatiounsweekend  
kascht 20€ "all inclusive"

1 Formatiounswoch kascht  
120€ "all inclusive"

Falls Ännerunge géife  
virleie gëss du heiriwwer  
informéiert



# PROGRAMM

Am Code hannert dem Titel vum Weekend gesäis du fir wéie Brevet d'Formatioun zougängelech ass.



ERKLÄRUNGEN ZU  
DE CODE 'EN:

**B**

Brevet **B**

**C**

Brevet **C**

**B/C**

Brevet **B** an Brevet **C**

**D**

Brevet **D**

**B**

## MEET AND GREET-1

Centre écologique Parc Housen

14.10 ➔ 15.10.2022

2024-1

Du hues Loscht dech sozial ze engagéieren? Bass du op der Sich no enger Organisatioun an däers du aktiv kanns ginn? Du wëlls d' Rout Kräiz an d'Jugendroutkräiz gäre kenneléieren? Um MEET & GREET kriss du all Informatiounen zum Thema Kolonien, Animateur, Formatiounen, Projeten a fräiwëllegt Engagement. Virun allem awer léiers du op dësem Weekend nei Leit kennen déi deng Interessien deelen. Moniteuren:tricen a Formateuren:tricen déi scho laang een Deel vum Jugendroutkräiz sinn, erzielen dir alles wat 's du wësse wëlls an deelen hier Erfahrung mat dir. Mell dech schnell un: Dëse Weekend ass dän éischte Schratt am Wee an déi weltwäit Bewegung vum Rouse Kräiz. **De MEET & GREET ass obligatoresch fir de Brevet B.**

**B**

## FORMATIUNSWOCH AIDE-ANIMATEUR: TRICE ZU HOUSEN - 1

Centre écologique Parc Housen

30.10 ➔ 04.11.2022

2024-2

An der Formatiunswoch vum Aide-Animateurs:trices léiers du d'Liewen am Grupp kennen. Zesumme ginn Aktivitéite geplangt a Spiller organiséiert. Déi ganz Woch wäerte mir mat dir, Situatiounen, deenen een sech als Animateur:trice stelle muss, gemeinsam üben, erliewen an ausdiskutéieren. Zum Schluss vun der Woch solle keng Froe méi opstoen an du solls dech prett fille fir als Moniteur:trice duerch ze starten.

**B/C**

## ENG KOLONIE VIR JIDDEREEN

Centre écologique Parc Housen

02.12 → 03.12.2023

2024-3

Ganz nom Prinzip vun der Inclusioun huelen un de Vakanze vum Jugendroutkräiz gläicher Moosse Leit mat an och ouni Behënnerung deel. Mee wat ass dat iwverhaupt, eng Persoun mat enger Behënnerung? Wat fir eng Forme vu Behënnerung gëtt et? Wéi kenne mir Vakanzen esou gestalten, dass se fir jiddereen een Highlight ginn?

Well et eis awer och wichteg ass dat keen sech wéi deet, kriss du an engem Deel vun der Formatioun speziell Hiewtechnique gewisen, vir Leit mat enger Beanträchtegung richteg ze hiewen. Op dës Froen, an op honnert anerer, siche mir dës Weekend Äntwerten.

**B/C**

## KREATIVITÉIT KENNT KENG GRENZEN

Youth Hostel Echternach

20.01 → 21.01.2024

2024-4

Op eisem Kreativ-Weekend tauche mir a kreativ Welten an, ginn dorobber an, wéi een eng ganz Kolonie an eng Geschicht abënnt, a wéi een dës Geschicht, aus der Fantasie vun de Kanner, a d'Wierklechkeet ëmsetzt. Dës Formatiouns - Weekend besteet aus 2 Deeler. Deen éischten Dag wäerte mir, Thema Kreativitéit méi genau ënnert d'Lupp huelen. Mat Froe wéi:

- Wéi kann ech eng Kolonie kreativ gestalten?
- Wéi eng Aarte vu Kreativitéit ginn et?
- Wéi kann ech de Kanner hiert, awer och mäin kreativ Talent, entdecken a virun allem fuerderen?

Deen 2 Dag steet da ganz ënnert dem Motto: Musek kreativ gestalten. Musek zitt Kanner an hire Bann, si fasziniert a motivéiert fir mat ze maachen. Vun danzen iwver sange bis hin zu zesumme Musek maachen. An dëser Formatioun kriss du ee risege Package vun Aktivitéite mat op de Wee, déi's du zum Thema Musek a Kreativitéit, mat an d'Kolonie kanns huelen.



**C(B)\***

## KOMMUNIKATIOUN AN ALL HIRE FACETTEN

Youth Hostel Beaufort

03.02 ➡ 04.02.2024

2024-5

Op dësen 2 Deeg, befaasse mir eis méi genau mat der Kommunikatioun. Wosst du dat 80% vun eiser Kommunikatioun näischt mat Wieder ze dinn huet, ma éischter mat eiser Haltung?

Egal op an engem Eenzelgespréich, engem Gruppegespréich oder ze guer am Gespréich mat sech selwer, d'Kommunikatioun geet méi wäit wéi just iwwert Wieder. Zesummen denke mir driwwer no, wéi ee richtig nolauschtert, gestikuléiert, schwätzt, streit, sech matdeelt an dobäi nach respektvoll mat sech selwer an deenen aner ëmgeet. Awer och wéi eng Roll eis Kierpersprooch bei deem ganze spillt. Och am Émgang mat verhalensopfällege Kanner spillt d'Kommunikatioun eng Schlësselroll. Dofir befaasse mir eis am 2ten Deel vun der Formatioun mat Theme wéi ADHS, Hyperaktivitéit, Streit an Isolatioun. Wéi ginn ech als Moniteur domadder ëm wann ee Kand ausflipp a wéi wäit kann ech d'Kommunikatioun richtig notzen fir Situatiounen ze entschäerfen. Op dës an nach vill aner Froe probéiere mir, an dëser Formatioun, Äntwerten ze fannen.

\* Et ass recommandéiert un dësem Weekend deelzehuele fir de Brevet C ofschléissen.

**B**

## MEET&GREET 2

Youth Hostel Echternach

24.02 ➡ 25.02.2024

2024-6

Du hues Loscht dech sozial ze engagéieren? Bass du op der Sich no enger Organisatioun an däers du aktiv kanns gi? Du wëlls d'Rout Kräiz an d'Jugendroutkräiz gäre kenneléieren? Um MEET & GREET kriss du all Informatiounen zum Thema Kolonien, Animateur Formatiounen, Projeten a fräiwëllegt Engagement. Virun allem awer léiers du op dësem Weekend nei Leit kennen déi deng Interessien deelen. Moniteuren:trichen a Formateuren:trichen déi scho laang een Deel vum Jugendroutkräiz sinn, erzielen dir alles wat 's de wësse wëlls an deelen hier Erfahrung mat dir. Mell dech schnell un: Dësen Weekend ass däin éischte Schratt um Wee an déi weltwäit Bewegung vum Roude Kräiz. **De MEET & GREET ass obligatoresch fir de Brevet B.**

## **B** **FORMATIUNSWOCH AIDE-ANIMATEUR:TRICE**

📍 Sandkaul - La Panne

**30.03** ➔ **04.04.2024**

2024-7

Als Moniteur (-trice) an d'Kolonie ze fuere soll geléiert sinn. Op eiser Formatiounswoch leiers du unhand vu prakteschen Erfarunge weis du dech a verschidde Situatioune verhare solls. Engersäits steet d'Schaffen am Grupp an d'Virbereede vun Aktivitéiten am Fokus. Anerersäits gëss du alles iwwer Spiller, vun de Situatioune, der Virbereedung, de Reegelen iwwer Duerchféierung bis hin zur Evaluatioun gewuer. Du léiers:

- ➔ Wéi organiséieren ech ee Spill?
- ➔ Wat maachen ech, wann en Kand mir net follegt?
- ➔ Wéi stellen ech ee Programm op?

Zum Schluss vun der Woch solle keng Froe méi opstoen an du solls dech prett fille fir als Moniteur:trice duerch ze starten.

## **C** **FORMATIUNSWOCH ANIMATEUR:TRICE**

📍 Sandkaul - La Panne


**30.03** ➔ **04.04.2024**

2024-8

An der Animateurs:trices-Formatiounwoch (Brevet C) kanns du deng Erfahrung an Erkenntnisser ënnert Beweis stellen. D' Formatiounswoch fir de Brevet C ass ganz praxisorientéiert. Duerch den Austausch mat aner Moniteuren a Formateure léiers du méi iwwert dech selwer kennen, a kanns erliefte Situatioune reflektéieren.

Am Fokus stinn Themen ewéi:

- ➔ Gruppendynamik
- ➔ Konfliktléisung
- ➔ Kommunikatioun
- ➔ Sécherheet
- ➔ Responsabilitéit
- ➔ Animatioun
- ➔ Kooperatioun





## B/C THEMA SEXUALITÉIT

☑ Youth Hostel Beaufort

04.05 → 05.05.2023

2024-9

**Mir schwätzen driwwer: Sexualitéit!** Informatiounen, Diskussiounen, Ëmgang mam Thema Sexualitéit a geschlechtsspezifische Rollenverständnisse. Op wat muss ech an der Kolonie mat Kanner a Jugendlechen oppassen? Wei soll ech als Moniteur:trice mat Themen ronderëm Kierper, Sexualitéit, Bezéiungen an Geschlecht ëmgoen? Wou si meng Grenzen a wat ass meng Roll?

## D STRESSMANAGMENT AN TEAMBUILDING

☑ Centre écologique Parc Housen

18.05 → 19.05.2023

2024-10

Eng Kolonie kann immens stresseg sinn. Och sech an enger Equipp fannen a matenee funktionéieren, ass net ëmmer einfach. Wien kennt en net? Stress... Wéi séier verfällt ee vun enger Stresssituatioun an déi aner? Stress kann iwwerall an zu all Moment oprieden. Mee wéi kann ech mech gutt op esou Situatioune virbereeden? Op dësem Weekend gesi mer, wéi dir iech scho Woche virun enger Kolonie optimal virbereede kënnt, an dir léiert är eege Stress Ausléiser, -Verstärker an -Reaktiounen kennen. Am 2ten Deel vun der Formatioun befaasse mir eis mam Thema Teambuilding. Wéi setzt sech eng Grupp zesummen. Wat kann ee maache fir den Teamgeeschicht ze stäerken? Wéi kann ee mat Konflikter am Grupp ëmgoen? Unhand vu ville prakteschen Übunge gi mir Theme wéi Kooperatioun, Zesummenhalt, Kommunikatioun oder och Vertrauen an. **Stressless, Peace & Love**



**B/C**

## KACHEN, BRACHEN AN D'NATUR ERLIEWEN

Centre écologique Parc Housen

15.06 → 16.06.2023

2024-11

Dëse Formatiouns-Weekend hunn mir an 2 Deeler gespléckt. Deen éischten Dag steet ganz am Prinzip vun der Erliednespedagogie. An dëser Formatioun kriss du Iddien, weis du de Kanner an der Kolonie op den spilleresch Aart a Weis d'Natur kanns méi no bréngen, an esou zesummenhalt an d Kooperatioun am Grupp stärke. Zesumme maache mir eis Gedanke wei een Abenteuer an der Natur kann erlieden an dobäi onvergiesslech Erfarunge mécht. D 'Natur bitt ee risegt Spillfeld a waart nëmmen dorop entdeckt ze ginn. Mee... Wat ass iwwehabet en Abenteuer? Deen 2ten Dag steet ënnert dem Motor: Kachen ass u sech keng Konscht - wann een et da mat Jugendlechen zesummen op eemol fir eng Ekipp vu x Leit soll maachen, kann een awer mol séier den Iwwerbléck verléieren. Dobäi kommen eng jett Hygiènesreegelen, déi ee muss anhalen. Op wat s du oppasse muss, wann s de an der Kolonie kachs, wéis de d'Akafen an d'Kachen nohalteg an ouni vill Verschwendung kanns gestalte, mee och wat déi gängegt Allergien a Regime alimentaire sinn, weise mir dir op dësem Weekend - souwuel an der Theorie, wéi och an der Praxis.

**100% MËNSCHLECH****ROCK ,N' ROLL AM BLUTT****PACK ENG HAND MAT UN**

- Du wëlls dech gären engagéieren?
- Du wëlls onvergiesslech Momenter mat Kanner an Jugendlecher erlieden?
- Du hues Loscht nei Leit kennen ze léieren?
- Du hues Loscht nei Wëssen an nei Erfarungen ze sammelen?

**Dann bass de bei eis genau richtig.****Zeck net laang a géff Moniteur:trice an de Vakanzekolonië vum Jugendroutkräiz. Mell dech einfach un! Mir freeën eis op dech!**



## B/C SAFETY FIRST

Centre écologique Parc Housen

29.06 → 30.06.2023

2024-12

Dëse Weekend steet ganz am Zeeche vun der Sécherheet.


Ob einfach nëmmen ze Fouss ënnerwee, um Vëlo oder de Ski; ob en Spill am Bësch, um Feld oder am Haus; ob Relaxatiounsowend oder lessenssituatioun: Boboen, Bëlsen, Téitschen a Schrëipse stinn iwwerall op der Dagesuerdnung. Ëmsou méi wichteg ass et kléng Verletzunge richteg ze versuergen, se virzebeugen, ze tréischen an d' Kanner rëm all sécher Heem ze bréngen. Heirobber gi mir intensiv am éischten Deel vun der Formatioun an. Den 2ten Deel handelt wuel nach ëmmer ëm Sécherheet, ma eischter um a beim Waasser. "Haut gi mir schwammen", eng Saach déi de Kanner ëmmer gutt gefält. Mee d'Waasser bréngt och Gefore mat sech. Dorop probéiere mir ons sou gutt wéi méiglech virzebereeden. Wärend dësem Dag wäerte mir kucke wou d'Gefore lauere bei engem Besuch an enger Schwemm oder am Mier. Wéieng Spiller kann ech mat de Kanner oder Jugendlechen am Waasser maachen? Wéi schwammen ech mat Kleeder am Waasser? Wéi zéien ech een aus dem Waasser eraus? Ausserdeem wäerte mer gesi wéi een sech an enger Noutfallsituatioun verhält. **Well dat eenzegt wat ee ka falsch maachen ass nâischt ze maachen!**



# BREVET D – RESCUE TEAM

**D'Formatioun "Rescue Team" (Brevet D) sëtzt sech zesummen aus:**

- Éischt-Hëllef-Cours (16 Stonnen)
- Spezialisatioun Rescue Team (4 Stonnen)
- Preparatioun & Duerchféiere vun engem Atelier (5 Stonnen)



## **D** ÉISCHT-HËLLEFS-COURS 1

**30.09.2023** ➔ **07.10.2023**

2023-13

## **D** ÉISCHT-HËLLEFS-COURS 2

**04.05.2024** ➔ **11.05.2024**

2024-14

Een Basis Éischt-Hëllef-Cours vun 2 Deeg fir Jugendlecher ab 15 Joer!

- Et kritt een en 1 Hëllef Diplom.
- Fir den éischt Hëllefscours kritt ee keen Brevet Animateur.
- Een oofgeschlossenen Éischt-Hëllef-Cours ass obligatoresch fir kennen un der Spezialisatioun Rescue Team (Brevet D) deelzehuelen.

## **D** SPEZIALISATIOUN RESCUE TEAM

**Datum gött nach annoncïert**

2024-15

Éischt Hëllef ka Liewe retten! Och Kanner a Jugendlecher kënnen Gesten a Reaktiounen vun der éischter Hëllef léieren. Dofir ginn an dëser Spezialisatioun nach eng Kéier d'Geforen, d'Preventioun, d'Behandele vu Blessuren an Noutfallsituatiounen widderholl. Den Haaptfokus läit dorop, wéi een dëst op eng pedagogesch an interessant Aart a Weis, de Kanner a Jugendlecher weider vermëttele kann. Eng Saach ass sécher – Eicht Hëllef ass eng spannend a wichteg Saach – fir jiddereen!

- Des Spezialisatioun ass Deel vun dem Module "Rescue Team" vum Brevet D, wou nach een Éischt Hëllef Cours (16 Stonnen) an déi selbststänneg Preparatioun an Duerchféiere vun engem Atelier dozou gehéiert.
- Jidderee kann der Spezialisatioun mat maachen an Deel vum Rescue Team ginn, och wann ee kee Brevet B/C/D huet



# KONDITIONEN



## D 'FORMATIOUN "AIDE-ANIMATEUR" A "ANIMATEUR" ASS AN 2 ETAPPEN AGEDEELT

- "Aide-Animateur d'activités de loisir Brevet B"
- "Animateur d'activités de loisir Brevet C"

## KONDITIONEN FIR DE BREVET B (AIDE -ANIMATEUR)

- Mindestens 15 Joer al sinn

### Wat muss ech maache fir Aide-Animateur ze ginn?

- 1 Meet and Greet Infoweekend
- 2 Formatiounsweekender
- 1 Formatiounswoch "Aide-Animateur"
- 1 Vakanzekolonie

*Dës Formatioun dauert mindestens  
150 Stonnen*

## KONDITIONE FIR DE BREVET C (ANIMATEUR)

- Mindestens 16 Joer al sinn
- Eng ofgeschloss Formatioun "Aide-Animateur, Brevet B"

## WAT MUSS ECH MAACHE FIR ANIMATEUR ZE GINN?

- 3 Formatiounsweekender
- 1 Formatiounswoch "Animateur" (heifir muss de mindestens 2 Kolonie matgemaach hunn)
- 1 Vakanzekolonie

*Dës Formatioun dauert mindestens  
150 Stonnen*

## KONDITIONEN FIR DE BREVET D (ANIMATEUR SPÉCIALISÉ)

- Mindestens 18 Joer al sinn
- Eng ofgeschloss Formatioun "Animateur, Brevet C"


### Wat muss ech maache fir Animateur spécialisé ze ginn?


- 1 Formatiounsweekend vum Brevet D
- Des Formatioun dauert mindestens  
25 Stonnen*

### Oder:

- 1 oofgeschlossenen éischt Hëllefscours
- Spezialisatioun éischt Hëllefscours
- Preparatioun & Duerchféiere vun engem Atelier

*Des Formatioun dauert mindestens 25  
Stonnen. Du kanns och ouni Brevet un  
dëser Spezialisatioun deelhuefen an kriss  
de Brevet D dee Moment nogereescht  
wou s de däin Brevet C ofgeschloss hues.*





# ASCHREIWEN AN INFORMATIOUN

## JUGENDROUTKRÄIZ / SERVICE VACANCES

**Postadress:**

B.P. 51 – L-8005 Bertrange

**Onsen Site:**

10 Cité Henry Dunant  
L-8095 Bertrange

**Tel:** +352 2755 6200

**Fax:** +352 2755 6201

[vacances@croix-rouge.lu](mailto:vacances@croix-rouge.lu)

**f** [@croixrougeluxembourgeoisejeunesse](https://www.facebook.com/croixrougeluxembourgeoisejeunesse)

**ig** [@jugendroutkraiz](https://www.instagram.com/jugendroutkraiz)